adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

**N° 4502**
Reçue le 15.06.2021
Déclarée recevable et urgence non-reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 15.06.2021

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15. Juni 2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dréngend parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister weiderzeleeden.

Wéi am Artikel "*Rücknahme von Verpackungen*", deen de 15. Juni am Lëtzebuerger Wort publizéiert gouf, heescht, si säit den 1990er Jore sämtlech Betriber hei am Land, déi Verpackungen hierstellen oder verdreiwen, fir d'Récknam an d'Verwäertung vun dëse Verpackunge selwer verantwortlech sinn. Weider zitéiert d'Lëtzebuerger Wort aus der Äntwert op eng parlamentaresch Fro vum parlamentaresche Grupp vun de Piraten, datt zum Zäitpunkt vun der Fro 99 Betriber duerch d'Ëmweltverwaltung ugeschriwwe gi wieren, datt si sech hei net gesetzeskonform verhalen. Ee betraffene Betrib, dee laut dem Lëtzebuerger Wort net an dëser Lëscht enthale war, war "Moulin Dieschbourg" vun Iechternach, deem d'Madamm Minister selwer bis zu hirem Amtsuntrëtt als Minister a leedender Funktioun ugehéiert huet.

Weider heescht an deem uewen zitéierten Artikel vum Lëtzebuerger Wort, datt de Ministère de Feeler op Nofro bei der VALORLUX géif gesinn, obwuel d'Kompetenz fir d'Betriber schrëftlech zur gesetzlech definéierter Uerdnung ze ruffe, bei der Ëmweltverwaltung läit. Domat awer net genuch. D'Lëtzebuerger Wort schreift weider, datt de fréieren President vun der VALORLUX, der Ausso vum Ministère formell widdersprécht, well hien d'Madamm Minister zwee Mol perséinlech ob dëse Probleem opmierksam gemaach hätt, ouni, datt dorop reagéiert gi wier.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Minister gär des Froe stellen:

1) Kann d'Madamm Minister dës Virgäng, sou wéi se am Lëtzebuerger Wort beschriwwe ginn, confirméieren? Wann nët, firwat net?
2) Wéi ass et méiglech, datt d'Madamm Minister sou wuel an hirer fréier Funktioun als Chef vun der betraffener Entreprise, wéi als Minister iwwer Joren vun all dëse Virgäng näischt wosst, obwuel si widderhuelt drop higewise gouf?
3) Musse Betriber, déi sech net gesetzeskonform bei der VALORLUX ugemellt hunn, d'Membersbäiträg vun der Zäit réckwierkend nobezuelen?
4) Betriber, déi bei deenen uewen zitéierte Gesetzer net am Aklang mam Gesetz sinn, riskéieren eng Geldstrof vun 251 bis 10 000 Euro? Wéi beurteelt d'Madamm Minister d'Effizienz vun dësem Gesetz a vu senger Ëmsetzung?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Luxembourg, le 15 juillet 2021

**Service central de législation**
**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Objet :** Question parlementaire n°4502 – Réponse

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°4502 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Carole Dieschbourg

**Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima a nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°4502 vum 15. Juni 2021 vun dem éierewäerten Deputéierten Här Fred Keup iwwert "Conflit d'intérêts dans le cadre du système de reprise d'emballages"**

***1) Kann d'Madamm Minister dës Virgäng, sou wéi se am Lëtzebuerger Wort beschriwwe ginn, confirméieren? Wann nët, firwat net?***

Nee. D'Aussoen kënnen esou net bestätegt ginn. Zanter 2013 gouf et eng kloer Trennung mam Betrib.

***2) Wéi ass et méiglech, datt d'Madamm Minister sou wuel an hirer fréier Funktioun als Chef vun der betraffener Entreprise, wéi als Minister iwwer Joren vun all dëse Virgäng näischt wosst, obwuel si widderhuelt drophigewise gouf?***

Säit mengem Départ aus dem Betrib, hunn ech eng kloer Trennung virgeholl, a mech deementspriechend net méi mat den internen Ofleef vun der Firma beschäftegt. 2013 gouf et wuel een Échange tëscht der Valorlux an dem Betrib, mee dëse wor zum Zäitpunkt vu mengem Départ nach net ofgeschloss. Et wor also 2013 nach net kloer, dat de Betrib net konform wier. Ech ka mech och absolut net un Hiweiser vum fréiere Valorlux-President op d'Non-Konformitéit vum Betrib erënneren. Esou Hiweiser wieren och net novollzéibar, well soss giff hei ee Betrib anescht behandelt ginn, wéi all déi aner. Non-Konformitéiten ginn an der Regel um Verwaltungsniveau gemellt, a net um politesche Niveau.

***3) Musse Betriber, déi sech net gesetzeskonform bei der VALORLUX ugemellt hunn, d'Membersbäiträg vun der Zäit réckwierkend nobezuelen?***

Wann ee net gesetzeskonforme Betrib laut dem Verpakungsgesetz vum 21. Mäerz 2017 iwwert Verpakungen a Verpakungsoffäll sech konform setze wëll, däerf en dat iwwert zwee Weeër maachen.

Déi éischt Méiglechkeet ass, datt en een individuelle System opbaut, fir senge gesetzleche Verflichtunge nozekommen. An dësem Fall gi keng Bäiträg un een Organisme agréé bezuelt, well de Betrib all d'Käschte selwer iwwerhuele muss.

Déi zweet Méiglechkeet ass, datt en sech engem Organisme agréé uschléisst, an dësem Fall der Valorlux. Et gëtt keng legislativ Dispositioun déi festleet, ob a wéi an dësem Fall déi Bäiträg musse réckwierkend bezuelt ginn. Dëst ass eenzeg an eleng dem Organisme agréé seng Decisioun.

***4) Betriber, déi bei deenen uewen zitéierte Gesetzer net am Aklang mam Gesetz sinn, riskéieren eng Geldstrof vun 251 bis 10 000 Euro? Wéi beuerteelt d'Madamm Minister d'Effizienz vun dësem Gesetz a vu senger Ëmsetzung?***

Fir d'éischt sief drun erënnert, datt nëmmen duerch eng Kontroll ka festgestallt ginn, ob ee Betrib effektiv konform zum Gesetz ass oder net, well net all Betrib vum Gesetz betraff ass. Dës Kontrolle kënne ganz opwenneg sinn, well nët nëmme gekuckt muss ginn, wat de Betrib op de Marché setzt, mee och vu wou e seng Wuere kritt, an ob seng Fournisseuren eventuell scho fir d'Mise sur le Marché vu Verpakungen enregistréiert sinn. Et ass jo bekanntlech esou, datt d'Responsabilitéit fir konform zum Verpakungsgesetz ze sinn, bei deem läit, deen de verpakte Produit fir d'éischt op de lëtzebuerger Marché setzt, wat nët onbedéngt deen ass, deen de Produit un den Endverbraucher verkeeft.

Et gëtt bei der Ëmweltverwaltung eng Prozedur déi virgëtt, wéi d'Dossiere vun deene Betriber traitéiert ginn, vun deene gemengt gëtt, se wären net konform, déi sougenannte "Freerider".

Wa vun engem Betrib geduecht gëtt, datt en net konform ass, da soll dësem Betrib eng Chance gelooss ginn, sech iwwerhaapt konform ze setzen. Den direkte Kontakt deen d'Ëmweltverwaltung mat deene Betriber huet, weist nämlech, datt a ville Fäll de Betrib einfach net Bescheed wosst vun där Verflichtung, oder datt en d'Informatioun vläicht dozou kritt hat, zum Beispill iwwert seng Chambre professionelle, awer vergiess huet, oder net als prioritär fir säi Betrib gesinn huet. Bei dësem direkten Austausch mat de Betriber fir hinnen an hiren Demarchen ze hëllefen, ginn déi meescht dann och eng staark Intentioun un, sech ze konforméieren.

Déi uewen erwäänte Prozedur gesäit dofir vir, datt an enger éischter Instanz en Informatiounsbréif un de Betrib eraus geet. No dësem Bréif gëtt e Rappell verschéckt am Fall wou keng Äntwert vum Betrib zum éischte Bréif komm ass.

Wann no deene Bréiwer keng Konformitéit vum Betrib festgestallt gëtt, da gëtt deen Dossier un d'Kontrollunitéit vun der Ëmweltverwaltung weidergeleet.